Bericht vun der Versammlung vum 21.09.2021 (17.30-19.15 Auer)

L-Kockelscheuer , Haus vun der Natur

Présences

Amaral Armando - Chillon Liliane - Clemens Mike - Lommer Fernand Marson Guy - Neuens Alain - Neves Anabela - Reckinger Charles - Schultheis Ben Thorn Jerry - Valmorbida Norbert - Welter Antoinette

Excusé(e)s

Bastien Géraldine - Delcourt Marie - Kadok Joris - Kerschen Jessy Walisch Tania - Weber François

Iwwer eng Dose Pilzen gouf vum Armando matbruecht, déi gemeinsam bestëmmt goufen. Ausserdeem huet de Charel e ganz schéint Buch " 94 Cortinaires aus L" matbruecht a virgestallt.

Mir hunn net méi genuch Plaz an der Bibliothéik am H.v.d.N. All d'Bicher déi net direkt fir d'Formatioun oder d'Bestëmmung gebraucht ginn, kommen op Schouweiler. De Guy an de Ben këmmeren sech em den Tri an den Transport.

Cours - Initiation à la mycologie –

Den éischten Deel vun eisem Myco-cours ass op der Kockelscheier Samschdeg, de 25 September um 14.00 Auer. Et hunn sech bis elo 17 Leit ugemellt. De Jerry bréngt e puer „einfach“ Pilze mat, fir ze weisen, wéi ee mat engem Schlëssel schafft. All Erklärunge ginn et ënnerwee, um Terrain. Zum Schluss maache mir eng Ausstellung vun de Pilzen am H.v.d.N. a versichen zesumme mat de Participant’en eis Pilzen ze bestëmmen. .

Déi lescht Detailer fir de CIM 2021 sinn am klenge Krees zum Schluss vun der Versammlung besprach an decidéiert ginn.

Homepage

En interessanten Artikel aus dem „Land“ (Wochenzeitung) iwwer Myzelium als Baustoff kënnt een eventuell op eis Homepage setzen. D‘Liliane këmmert sech ëm d’Droit d’Auteur.